



**Gemeinsam Äntwert vun der Madam Sam Tanson, Ministesch fir Justiz an vum Här Claude Meisch, Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlementaresch Fro n° 7721 vum 7 März 2023 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement**

**1. Wéi een op myguichet.lu nokucke kann, huet d'Firma keng gülteg autorisation d'établissement. Huet e Procureur d'Etat sech mat der Affär saiséiert, wéi den Artikel 40 vum Gesetz iwwert d'autorisation d'établissement et virgesäit?**

D' Pressestell vun der Justiz huet kierzlech op Nofro vun engem Reporter präziséiert, dass eng enquête préliminaire vum Procureur d'Etat ordonnéiert ginn ass.

**2. Wéi schätzt d'Ministesch et an, datt eng Persoun Member vum Verwaltungsrot ass, déi vun der CSSF d'Honorabilitéit oferkannt krut?**

Am Gesetz vum 21. Abrëll 1928 iwwer ASBLen a Fondatiounen ass kee Contrôle d'honorabilité virgesinn, deemno kann an deem Zesummenhang keng Aschätzung gemaach ginn.

Esou eng Kontroll soll awer fir d'Zukunft am Kader vum Gesetzentwurf 6054 virgesi ginn, souwuel fir ASBLen mat Gemengnëtzegkeets-Statut wéi fir Fondatiounen.

**3. Ass et am Aklang mam Statut vun der Gemengnëtzegkeet, wann 15 vun 30 Memberen an engem Veräi fir deem säi gréisste Fournisseur schaffen an 10 Weiderer fir de Veräi selwer an domadder de Fournisseur de facto iwwert d'Zesummesetzung vum CA entscheede kann?**

**4. Ass et fir de Gérant vun enger gemengnëtzeger ASBL ubruecht, fir nieft enger Paie um Niveau tëscht engem Staatssekretär an engem Minister och nach eng Paie vun där hirem gréisste Fournisseur ze kréien? Gesäit d'Madamm Ministesch do kee potenziellen Interessekonflikt?**

**5. Ass et fir ee Gérant vun enger gemengnëtzeger ASBL ubruecht, fir generéis Speserechnungen unzeheefen an dës vun engem Fournisseur vun dëser ASBL bezuelen ze loassen?**

Et gëtt am Gesetz vun 1928 nämammen eng Dispositioun iwwer de Statut vun der Gemengnëtzegkeet, nämlech den Artikel 26-2, deem säi Wuertlaut ass :

„Les associations sans but lucratif qui poursuivent un but d'intérêt général à caractère philanthropique, religieux, scientifique, artistique, pédagogique, social, sportif ou touristique peuvent être reconnues d'utilité publique par arrêté grand-ducal.“

Eng ASBL mat Gemengnëtzegkeets-Statut énnersteet deemno deenen nämmelechte Reegele wéi eng einfach ASBL, an do gëtt et am Gesetz keng Dispositioun, déi eng Limitatioun virgesäit, wat d'Memberen ugeet.

Administratore mussen hiert Mandat am Sënn vun der ASBL ausféieren, mee hei muss och erwäaint ginn, datt et am Gesetz vun 1928 keng spezifesch Dispositiounen iwwer Interessekonflikter gëtt.



Et ass awer virgesinn, dëst am Kader vum Gesetzentworf n° 6054 iwwer ASBLen a Fondatiounen ze ännernen. Am Artikel 67 vum Gesetzentworf ass nämlech virgesinn :

- „Seront punis d'un emprisonnement d'un an à cinq ans et d'une amende de 500 à 25.000 euros ou d'une de ces peines seulement, les dirigeants de l'association ou de la fondation, de droit ou de fait, qui de mauvaise foi,*
- auront fait des biens ou du crédit de l'association ou de la fondation un usage qu'ils savaient contraire à l'intérêt de celle-ci, à des fins personnelles ou pour favoriser une entité dans laquelle ils étaient intéressés directement ou indirectement ;*
  - auront fait des pouvoirs qu'ils possédaient ou des voix dont ils disposaient, en cette qualité, un usage qu'ils savaient contraire aux intérêts de l'association ou de la fondation à des fins personnelles ou pour favoriser une autre entité dans laquelle ils étaient intéressés directement ou indirectement.“*

Wat d'Äntwert op d'Fro Nummer 5 ugeet, d'Frais de mission, déi de MENJE beim LSC iwwerholl huet, louchen all Joer bei némme ronn 10.000 Euro. D'Virwërf, déi an der Press erhuewe goufen, kann de MENJE weeder confirméieren nach dementéieren. De Rapport vun der IGF soll Kloerheet doriwwer bréngen, wéi d'Finanzflëss tëscht der Asbl an der Societéit waren.

Lëtzebuerg, den 12 Abrëll 2023.

D' Justizministesch

(s.) Sam Tanson